



méiglech renforcéiert kënne ginn, herrscht och Stéllstand. Dat ass dramatesch, well d'Efforte vun de Länner, fir 2 Grad iwwerhaapt kënne anzehalen, esou d'Berechnunge vun der UNO, méi wéi verduebelt misste ginn an am beschten elo direkt, op alle Fall awer virun 2020. Eng wierklech Evaluatioun vun der Klimapolitik vun de Staten ass awer eréischt fir 2023 geplangt. A wéi eng Konsequenzen déi Evaluatiounen dann iwwerhaapt wäerten hunn, ass och nach net esou kloer.

Datt et schwéierfält, vun de grouss Rieden an Ukënnegungen zu effikasse politesche Mesuren iwwerzegoen, déi an der Regel och eppes kaschten, weist sech och zu Lëtzebuerg säit Joren. Mir wësse säit Jorzénngen, datt de Klimawandel geféierlech ass a bekämpft muss ginn. Mir wëssen och scho laang, datt Lëtzebuerg mat sengen héije Pro-Kapp-Ausstéiss iwwerméisseg mat responsabel ass, op eng relativ Aart a Weis.

Fir d'Reduktioun vun eisem CO₂-Ausstouss soll jo an den nächste Méint oder an nächster Zäit e Klimaaktiounsplang virgeluecht ginn. A mir sinn drop gespaant a wäerten och gesinn, wouraus dee besteet, well bis elo hu mer wéinig Villversprechendes héieren, zum Beispill bei der Mobilitéit, wou d'Regierung scheinbar op futuristesche Projeten an technologesche Fortschrétt waart, déi d'Problemer fir eis léise sollen. Dat ass jo och méi einfach, well déi zentral Froen, wéi d'Zukunft vum Tanktourismus oder den Ausbau vun engem performanten effentlechen Transport, ginn ënner anerem engem Koup vun Ausschweifunge wéi Appen, „driverless driving“, „carpooling“ an esou weider ënner.

Ofschléissend nach kuerz zum Finanzement vun der Klimapolitik. D'Regierung setzt hei verstärkt op d'Mobiliséierung vu Privatkapital, sief et iwwer „Green Exchange“ op der Bourse, wou grouss Banke sougenannten „green bonds“ opleeën, fir Projeten zum Beispill an der Energietransitioun ze finanzéieren, oder mat engem vum Etienne Schneider schonn ugekënnegten Investmentfonds, fir d'Mesuren aus der Rifkin-Etüd ze finanzéieren.

Et ass eis jo - hoffentlech, mengen ech! - alleguert bewosst, datt grouss Betriber a méi räich Investisseuren, ob zu Lëtzebuerg oder soss op der Welt, fir eng Renditt ze erzielen an net primär, fir de Klima ze schützen a fir benodelegte Bevëlkerung bei der Adaptatioun u Konsequenze vum Klimawandel ze hëllefen, u sech schaffen. Mir fäerten, datt bei esou enger Ausrichtung vun der Klimapolitik d'sozial Gerechtegkeet an d'Rechter vun den Äermsten an och ärmste Vëlker op der Streck bleiwen.

Schlussendlech wëilt ech nach mat engem Wuert awer drun erënneren, datt mir eis Hausaufgaben nach musse maachen a Saache Kompensatiounsfong, well deen nach ëmmer souwuel an Atom wéi och a Kuel investéiert. Et ass oft hei gesot ginn, ganz oft hei gesot ginn, datt déi Aarbecht soll geleescht ginn, wou investéiert, wouran investéiert gouf. Et gouf och vum Sozialminister confirméiert e puermol. An ech hoffen also och, datt dee Message am Verwaltungsrot vum Kompensatiounsfong ukomm ass, well mir wäerten op jidde Fall um Ball bleiwen.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Merci och. Domat hätte mer d'Ronn vun deenen eenzelne Fraktiounen a Sensibilitéite gedréit. An d'Wuert huet elo d'Ëmweltministesch, d'Madamm Carole Dieschbourg.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Carole Dieschbourg, *Ministre de l'Environnement*.** - Här President, Dir Dammen an Hären Deputéierten, d'COP22 war eng COP vun der Aktioun, eng COP vun der Ëmsetzung, an dat gläich op méi Pläng. Engersäits huet een d'Dynamik gespuert vun deem, wat um Terrain leeft, d'Dynamik bei deem, wat d'Länner virgestallt hunn, wat hir Ziler sinn. Villes dovunner gouf schonn erwänt. De Marco Schank hat gesot, d'Deklaratioun vun der Visioun vu grad deenen, déi am meeschte betraff sinn, déi e Schrëtt no vir maachen, fir e Schrëtt méi wäit ze goen.

Lëtzebuerg selwer huet sech grad am Beräich vun der Klimafinanzéierung ervirgedoen, wou Lëtzebuerg dat Land ass, wat d'Klimafinanzéierung um internationale Plang am eschtesten menger Meinung no hält. Mir sinn déi, déi tëschent 2014 bis 2020 120 Milliounen international Klimafinanzéierung annouciéiert hunn, déi dat och konkret ëmsetzen an déi och mëttlerweil schonn e Kriteriekatalog hunn, wéi mer dat wëlle gestalten, dass dat och um Terrain Realitéit gëtt.

Dëst Joer huet Lëtzebuerg, an dat hu mer och op der COP22 virgestallt, an zwar a méi Veranstaltungen, en neie Modell presentéiert, wéi ee kann als effentleche Partner, als Land mat enger Institution wéi der Europäescher Investitionsbank, mat iwwer 30 Milliounen, déi mer do asetzen, en „derisking“ maachen, dat heescht e Risiko erofsenke fir innovativ nei Projeten. Ee Schrëtt an déi richteg Richtung, an ech kann Iech soen, dass d'Leit vun der BEL gesot hunn: „Mir hoffen, dass vill Länner dem Lëtzeburger Modell noginn.“ An dat war wichteg, dass d'Länner esou konkret Projete vu Klimafinanzéierung virstellen.

Ech wëll Iech och soen, dass mer déi Roadmap, déi et haut gëtt, wéi mer op déi 100 Milliarde kommen, dass och déi haut seet: „Mir sinn elo scho bei iwwer 60 Milliarden a mir wäerten dat Zil erreechen.“ An dat ass ganz wichteg, fir dass all Länner u Bord bleiwen a fir dass ebe grad déi Vulnerabelst esou Schrëtt no vir maachen.

Lëtzebuerg huet do säi Part gespillt, huet och säi Part gespillt beim Beräich Gerechtegkeet. Mir hunn zum Beispill, wann et drëm geet, Leit anzebauen, d'Leit mat op de Wee ze huelen, déi Plattform, déi mer schonn zu Paräis décidéiert haten, mat den indigene Vëlker zesumme mat de Finnen, mat de Schweden a mat der Belsch no vir bruecht. Et wäert déi éischte Kéier sinn, dass am Klimavertrag och déi indigen Vëlker mat um Dësch setzen, wann et drëm geet, esou eng Plattform ze géieren.

De Klimaaccord, do geet et ëm Gerechtegkeet an do geet et drëm, dass mer dat och erreechen. Bei där Geleeënheet hu mer och profitéiert, fir ënner anerem eis Partnerlänner vun der Kooperatioun ze gesinn, fir och mat deene konkret iwwer Projeten, déi een nach kann zousätzlech zu deem enge Prozent Kooperatiounshëllef maachen, iwwert d'Klimafinanzéierung ze schwätzen. An ech mengen, dat ass et, wat eis weiderbréngt. Et geet nämlech drëm, dee Problem gemeinsam, zesummen ze léisen an dobäi méi eng gerecht Welt ze schafen an de Leit Hoffnung ze maachen, amplat de Leit Angst ze maachen.

Jo, heiheim heescht dat och, dass mer eis musse vill ustrengen. Mir hunn entscheidend Schrëtt geholl am Beräich vum Transport, wou elo awer zwee Drëtter vun den effentlechen Investitiounen an d'douce Mobilitéit an den effentlechen Transport ginn. Mir maache Borne. Fir Lëtzebuerg sinn et 800 Borne bis 2020 mat 1.600 Plazen, wou d'Leit hiren Auto kënnen opféllen. Mir kréien eng Elektrifizéierung soumat dann no vir gedriwwen, fir dass mer net nëmmen eis Aktioun geint de Klimawandel maachen, mä och an eisen Uertschaften eng méi propper Loft fir eis Kanner kënne garantéieren.

E wichteg Punkt heiheim ass och de Wunnensbau. An och do ass Lëtzebuerg vir! Am Wunnensbau wäerte mir déi Éischt an Europa sinn, déi just nach effizient Wunnhaier bauen. An Dir wësst et, hei an der Chamber hu mer et scho virgestallt gehat an den zoustännege Kommissiounen, mir hunn och e ganze Pak u Mesuren, wann et drëm geet, d'Klimabank ze lancéieren, wann et drëm geet, méi nohalteg Primme fir de Wunnensbau ze ginn. An och déi wäerten elo geschwënn heihinnerkommen.

D'Ekonomie, déi Grouss an déi Kleng, déi si längst op der Schinn, dass alles, wat an d'fossil Richtung geet, dass dat Risikoinvestitiounen op laang Zäit sinn. An dat muss ëmgesteiert ginn. Et ass net fir näischt, dass et haaptsächlech d'Ekonomie ass, déi am Moment an Amerika amgaangen ass, dem künftege President ze soen, dass dat e Feeler ass, wann een an déi Richtung geet.

D'Ekonomie huet och hei am Land villes schonn no vir gedriwwen. Dee Rifkin-Prozess, deen elo vun esou munchem erwänt gouf, dee weist, dass mer gemeinsam kënne fir méi Liewensqualitéit suergen, eis Klimaziler kënne erreechen an awer méi kompetitiv sinn, dass dat Geld och kann anescht erspéiert ginn. An dofir mengen ech kënne ze soen: D'Ekonomie huet u sech d'Zeeche vun der Zäit erkannt.

D'Tanktourismusetüd wäert nach dese Mount presentéiert ginn. Mir hunn Iech do Rendez-vous ginn de 25.11., fir déi virstellen an der Kommissioun.

An da wëll ech op ee leschte Volet Ekonomie agoen. D'Finanzplaz huet dëst Joer enorm Spréng gemaach. Lëtzebuerg huet 50% vun de weltwäite grénge Obligatiounen hei op der Bourse. D'Bourse hat eng Journée boursière, déi eleng deene grénge Obligatiounen, deem Bréckebauen tëschent deem Geld, wat do ass, an deenen néidegen Investitiounen, fir méi nohalteg ze schaffen, gewidmet war. Mir hunn e Label, fir fir Transparenz ze suergen. An dat sinn déi kleng Puzzlestécker, déi zesumme mam Finanzministère, zesumme mat den Akteuren um Terrain eis alleguerten ee Schrëtt

nom anere virubréngen, fir eisen Obligatiounen gerecht ze ginn.

An da kommen ech op dat, wat nach kënnt: den drëtten Klimaaktiounsplang. Den Här Schank hat et erwänt. Jo, wa mer wëllen de Klimaschutz esou no vir driwwen, wéi mer et brauchen, fir déi Streck, wou mer elo sinn, wou mer mëttlerweil awer gutt ënnerwee sinn, wou mer kënne d'Ziler erreeche bis 2020, fir dat weider ze maachen, da gëtt dat eng Ustrengung fir jiddwereen. Mä mir hunn awer och vill Saachen, wou mer gewannen. Besser Loftqualitéit ass eng dovun. Manner Stress am Stau ze stoen zum Beispill.

Mä da kommt, mir maachen dat zesummen! Mir hunn an där leschter Zäit d'Instrument vum Klimapakt ausgebaut. Mir hunn eng Konventioun mat CELL gemaach, fir dass dat och méi hei zu Lëtzebuerg bei de Bierger ukënn, well et ass eng Saach vu léieren, vu Konsumverhale veränneren.

A mir wäerten och deen drëtten Klimaaktiounsplang genau esou wéi d'nohalteg Entwécklungsziler zesummen ugoen. Dat gouf zu Marrakesch iwwregens ëmmer betount: Mir mussen alles zesummen op de Leescht huelen, fir dass mer all zesumme weiderkommen. Dat wäerte mer d'nächst Joer ënner ganz breeder Bedeelegung diskutéieren, fir dass mer pro Secteur eis kënne Ziler setzen, wéi mer wëlle reduzéieren, dass och jiddweree seng Aufgabe mécht.

Dofir, kommt, mir maachen net de Feeler, eis hei vun Ängschte leeden ze losse viru Saachen, déi nach net do sinn! Kommt, mir baséieren eis op dat, wat mer wëssen, op déi Richtung, wou mer hi wëlle goen! Kommt, mir kucken, dass mer duerch erneierbar Energie eng Demokratiséierung vun Energie kréien, dass mer alleguerten net nëmme Konsumente sinn, mä och nach Produzenten!

Kommt, mir kucken, dass eis Stied méi attraktiv sinn, dass mer eis propper Loft hunn! A kommt, mir bekämpfen déi Krisen, déi mer am Moment hunn, vun Honger, vun Aarmut, vun Onsécherheet! Kommt, mir bekämpfen déi, well déi hunn och alleguerten eppes mat Klimawandel ze dinn!

An nëmmen esou wäerte mer fir méi Gerechtegkeet, net nëmmen hei, mä op der ganzer Welt suergen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Merci och der Madamm Minister.

Mir géifen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 7018 zur Schafung vun engem elektronische Regëster vun den Transportentreprisen hei zu Lëtzebuerg an an der EU. Et ass eng Transposition vu verschiddenen EU-Reglementer. An d'Wuert huet d'Rapportrice, d'Madamm Josée Lorsché.

5. 7018 - Projet portant création d'un registre électronique national des entreprises de transport par route

Rapport de la Commission du Développement durable

► **Mme Josée Lorsché (*déi gréng*), *rapportrice*.** - Merci, Här President. Dir hutt scho villes gesot. De Projet de loi 7018, deen ech heimat virstellen, ass éischter technescher Natur an en ass néideg, fir ganzer véier europäesch Reglementer aus de Joren 2009 an 2010 an eis national Gesetzgebung afléissen ze loossen.

Betraff ass de Stroosentransport, wou et drëms geet, en elektronische Regëster vun den Entreprisen ze schafen, déi an deem Secteur aktiv sinn. An deem Kontext huet d'Europäesch Kommissioun eng speziell Plattform mam Numm ERRU, dat heescht „European Register of Road Transport Undertakings“, an d'Liewe geruff, déi et soll erlaben, déi eenzel national Regëstere mateneen ze verbannen a grenzüwwerschreidend Informatiounen auszetauschen.

D'Haaptzil vun dese Regëstere besteet doran, d'Honorabilitéit an déi finanziell Capacitéit vun de Gestionnaire vun den Transportentreprisen net nëmmen am Hierkunftsland, mä och op EU-Niveau kontrolléieren ze kënnen. Dëst erlaabt dann, déi schwaarz Schof am Beräich vum Stroosentransport ze detektéieren a se drun ze hënneren, dass se vun engem EU-Land an dat anert fueren.

Eng aner Finalitéit vun deene Regëstere besteet doran, dass en internationalen Austausch vun den Infraktiounen, fir déi déi eenzel Entreprise sech schëlleg gemaach hunn, kann assuréiert ginn.

Fir Lëtzebuerg stellt sech dobäi allerdéngs e kleng Problem, deen natierlech séier behewe

ka ginn. Déi aktuell Datebank vum Nohaltegkeetsministère, déi d'Gestioun an d'Autorisation vun Transportentreprisen an eisem Land regelt, ass nämlech technesch net kompatibel mam europäesche System. Aus deem Grond ass virgesinn, datt den elektronische Regëster, dee mir mat deem Gesetz schafen, déi aktuell Datebank vum Nohaltegkeetsministère wäert ersetzen an datt dese Regëster duerno mam europäesche System vernetzt gëtt.

D'Donnéen, déi an de Regëster afléissen, kommen engersäits vum Département des transports vum MDDI, anersäits awer och vun der Generaldirektioun vun de klengen a mëttelgroussen Entreprisen, déi am Wirtschaftsministère ugesidelt ass, dann awer och vun der Administratioun vun der Douane an den Akzisen, dernieft och vun der Police a vum Parquet.

Wat elo dee wichteg Volet vum Dateschutz ubelaangt, esou entsprécht dese Projet de loi eiser aktueller Gesetzgebung an där Matière. Dernieft enthält de Projet de loi och eng ganz Rei Dispositionen a puncto Ofsécherung vum Regëster selwer an awer och vun den Daten, déi doran enthalte sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, do mat kommen ech scho bei déi eenzel Avisen a bei d'Aarbechte vun der Nohaltegkeetskommissioun. Nodeems de Minister François Bausch dese Projet de loi de 26. Juli 2016 déposéiert hat, koume ganzer véier Avisen eran, ee vum Statsrot, ee vun der Chambre des Métiérs, ee vun der Chambre de Commerce an ee vun der nationaler Dateschutzkommissioun, déi vun Ufank un an d'Ausarbechtung vun deem Projet de loi agebonne war, fir vun Ufank un den Dateschutz ze géieren.

Well d'Avis keng gréisser Problemer geschafen hunn, verweisen ech fir méi Detailer op mäi schrëftleche Rapport. Den 10. November 2016 huet d'Nohaltegkeetskommissioun sech souwuel mam Projet de loi wéi och mam Avis vum Statsrot befaasst, a schonn eng Woch duerno, de 17. November 2016, huet se mäi Rapport eestëmmege ugehall.

Ofschléissend wëilt ech dann awer och nach dem Här Staus, dem Virsëtzende vun der Direction des transports routiers vum MDDI, e grouss Merci fir seng wäertvoll Ënnerstützung an deem kniwwelegen Dossier ausdrécken. E war méi kniwweleg, wéi e sech haut unhéiert. Ech hu versicht, déi wichtegst Punkte esou kuerz an esou einfach wéi méiglech ze resüméieren.

Dat gesot, ginn ech den Accord vun der grénge Fraktioun a soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Merci. An da géife mer zu deene verschiddene Stellungname kommen. Ech hat hei d'Wuertmeldung vum Här Kaes, pour accord.

Discussion générale

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Selbstverständlech gi mer den Accord zu deem Projet de loi. Merci, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Merci dem Här Wiseler. Den Här Negri huet d'Wuert.

► **M. Roger Negri (LSAP).** - Merci, Här President. Och Merci un eis Rapportrice Josée Lorsché. A mir ginn och domadder den Accord zu deem Projet de loi.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Merci. An den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Affär Kralowetz ass eis jo nach a gudder Erënnerung.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Neen, a schlechter!

► **M. Gusty Graas (DP).** - Dach. Ech weess et nach, well ech war Rapporteur.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - A schlechter!

► **M. Gusty Graas (DP).** - Schlechter, jo, schlechter. Dat sinn elo 14 Joer hier. Doraus hu mer eng Rei Léiere gezunn, an zwar och déi richteg. Dëst Gesetz huet effektiv dozou och bäigedroen, datt mer haut dat vill méi genee reglementéieren. Mir wëssen, datt dat e ganz haart ëmkämpfte Marché ass. Et ass och dowéinst, wéi gesot, ratsam, datt mer dee ganze Volet do méi streng reglementéieren. Dat gëtt eis och d'Méiglechkeet, méi eng Transparenz an dee ganze Marché vun den Transporteuren ze kréien.

Ech brauch net weider an d'Detailer anzegoen. D'Madamm Lorsché huet dat jo ganz gutt gemaach. Ech wëll hir och félicitéiere fir hir exzellente Bericht a bréngen och dann d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei.

Ech soen Iech Merci.



► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An d'Wuert huet den Här David Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Jo, Här President, mir ginn eis Zoustëmmung och zu deem Gesetz.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Ech ginn dann dovun aus, dass d'Kollegen, déi aner Kollegen och den Accord ginn. Ass dat esou?

(Assentiment)

Merci. Dann huet d'Regierung d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement.** - Da géif ech der Rapportrice Josée Lorsché Merci soe fir hire guddeschrëftlechen a mëndleche Rapport a freeë mech iwwert déi breet Zoustëmmung hei a soe Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och.

Da géife mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7018 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7018 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

60-mol Jo, domat Unanimitéit. De Projet de loi 7018 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Nancy Arendt), Nancy Arendt, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Martine Mergen), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber och bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen dann zum nächste Punkt iwwergoen: d'Interpellatioun vun der Kolleegin Octavie Modert iwwert d'Situatioun an d'Entwécklung vum Wäibau hei zu Lëtzebuerg. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Madam Modert huet elo d'Wuert.

6. Interpellation de Mme Octavie Modert au sujet de l'état actuel de la viticulture

Exposé

► **Mme Octavie Modert (CSV), interpellatrice.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, 2016 ass dat adequat Joer, fir an deem héijen Haus eng Debätt iwwert de Lëtzeburger Wäibau ze féieren, an zwar aus dräi Grënn.

2016 steet emol fir d'Éischt fir e puer emblematesch Stéchdatum am Wäibausecteur: 50 Joer Grënnung vun der Vinsmoselle, och 50 Joer Privatwënzervereenegung OPVI, 100 Joer vun engem Wäinhändler, Gales, 95 Joer Maacher Kellerei, déi éischt Genossenschaftskellerei op der Musel, an - last but certainly not least - 25 Joer Crémant, sécherlech eng ganz wichteg Etapp fir d'Musel.

2016 ass awer och eent vun deene schwierigsten zanter ganz Laangem am Wéngert gewiescht, en Extremjoer.

A schliisslech an endlech, drëtte Grond, ass et d'Joer null vum neien Agrargesetz, dat am Summer endlech a Kraaft getrueden ass, awer déi meescht vu sengen Auswierkungen kommen eréischt am Laf vum nächste Joer, respektiv kommen eréischt dann an Uwendung.

E véierte Punkt kënnt deelweis derbäi, well et hätt och sollen eng nei Marketingsetüd fir

d'Musel elo eraus sinn an dann hätt een éischt Analysen dovunner maache kënnen. Si ass nach net do. Trotzdem muss d'Thema, mengen ech, ugeschwat ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dës Interpellatioun ronderëm dräi Deeler ugoen a jee weils déi Froen a Problemer opwerfen, déi sech momentan am dréngendste stellen.

Am Virfeld nach wëll ech déi villsäiteg Roll vum Wäibau zu Lëtzebuerg ënnersträichen, deen eis typesch an eenzegaarteg Kulturlandschaft op der Musel ënnerhält mat senger Ëmweltfunktoun, wann e fir Biodiversitéit suergt mat de Leguminosen; deen am Tourismus, am Ònötismus an am Kulturtourismus eng Roll spillt an e Facteur vum Nation Branding ass, an deen e wirtschaftleche Produktiounsweig ass an Aarbechtsplazen an der Region schafft, och wa säi Gewicht am PIB natierlech net méi esou schwéier weit.

Dat si just e puer Argumenter, déi drop hiweisen, wéi wichteg et ass, datt de Wäibausecteur do ass an erhalen bleift. D'CSV schwätzt sech ganz kloer dozou aus. An dozou gehéiert och, datt et gradesou wichteg ass, déi dräi Gruppementer aus dem Secteur, Genossenschaftskellerei vu Vinsmoselle, Privatwënzere a Wäinhändler, ze hunn an ze behalen.

Nach ee Wuert an eegener Saach. Jo, ech si vum Wënzere hier an ech sinn an e Betrib abestuet, wéi een dat nennt. Dat ass konform a kompatibel mat der Chamber hirem Code de conduite an dat ass keng Befangenheet. Dat géllt och fir aner Riedner heibannen.

Ech kommen dann, Dir Dammen an Dir Hären, zum éischte Punkt iwwert d'Wéngertsaarbechten an d'Wäinhierstellung.

Jo, 2016 war leider en Extremjoer. Et war e ganz schwieregt Vegetatiounsjoer mat erstaunlecherweis awer engem ganz gudden Resultat, wann och net grad iwwerall oder ënner allen Ëmstänn an och net ouni Zoudoe vum Mënsch, grad dës Joer weinst de Kränken. Tatsächlech, dës Vegetatiounsjoer hat ënner esou schlëmme Wiederbedéngungen ze leiden, wéi zanter laange Joren net méi. An awer huet et en „happy end“ kritt mat engem schéinen, gesonde Liesgutt, héijer Qualitéit mat héije Moschtgewiichter, also Oechsle an Zocker, a ganz weineg Saier. Allerdéngs ass et nëmme eng ganz geréng Meng ginn.

2016 gétt et also e ganz gudden, awer vill manner Wäin. Et ass manner Wäi gewuess, fir d'Éischt duerch d'Erkalen am Fréijoer, wat op deene Plaze bis zu 80% Ausfall bruecht huet, duerno duerch Pilzkränken - besonnesch Peronospora -, déi jee no individueller Situatioun nach ees vill Ausfall bruecht hunn, och wa se keen negativen Afloss op d'Qualitéit hunn.

Et muss ee betounen, datt géint de Pilzbefall jo leider kee Kraut an Europa gewuess ass, well all déi Kränken aus Amerika ausganks vum 19. Jorhonnert ageschleeft gi sinn. Jo, och deemools scho sinn et Globaliséierungskränke ginn. A wie weess, wat eis elo nach alles aus Amerika bléit... An déi europäesch Riewen hunn natierlech dann dee Moment keen natierleche Schutz dergéint, weder deemools nach haut. De Mënsch muss also hei hëllefen an agräifen, d'Natur ka sech net ëmmer selwer hëllefen.

Vun offizieller Säit ginn dacks pilzresistent Zorten, Piwien, als Wonnermëttel duergestallt. Och Dir hutt, Här Minister, uganks Juli heibanne gesot, d'Piwien wäeren déi eenzeg laangfristeg Léisung.

Ech wollt lech froen, Här Minister, ob Är Servicer net rezent mat Wënzere aus dem Limburg geschwat hunn, déi mat eiser Wäibaustatioun souwiso Kontakt hunn. Do sinn näamlech en Deel Piwi-Zorten ugesat. Awer dës Joer hunn d'Wënzere do misse feststellen, datt déi Piwien och net peronosporaresistent sinn, mä 2016 e staarke Befall am sechsten, siwente Joer haten. Wuel wäeren déi éischt Joren nom Usetze gutt gewiescht, mä do haten déi normal Zorte jo och kee weidere Befall, awer elo hätte se Problemer gehat. Dohier drängt sech natierlech d'Fro op, ob déi Zorten net méi resistent wäeren.

Dohier meng Fro, Här Minister: Hat en Är Servicer schonn dee Kontakt? A si se ëmmer nach iwwerzeegt vun de pilzresistenten Zorten als grouss Alternativ? Wat gedenkt Dir elo ze recommendéieren oder ze maachen - iwwer, denken ech emol, Monitoring eraus?

Dir Dammen an Dir Hären, dem extreme Pilzdruck dës Joer, besonnesch ronderëm d'Bléi, konnt also nëmme mat Riefschutzbehandlung probéiert ginn entgéintzerwierken. An do ass et dës Joer sécherlech op een Dag, wann net op Stonnen ukomm. Déi Parzellen, wou dat net zu Zäit de Fall war, huet ee scho vu Wäitem erkannt an et huet bis zu Totalausfall an deene Parzelle gefouert, also engem héijen ekonomesche Schued. Et geet also ëm d'Uwerrliewe vun de Betriber.

Fazit: Dës Joer ass de Bewäis, datt et illusoresch ass, ze mengen, et géif ëmmer ouni Behandelen oder Sprëtze goen. Et kënnen Jore ginn, wou dat vill méi einfach ass. Mä et sinn awer och leider ëmmer erëm aner Joren der-tëschent, esou wéi dës. An da war et grad an deem Joer déi éischte Kéier, wou den Helikopter op just nach ongeféier der Halschent vun de Parzellen an den Asaz konnt kommen. Dobäi war et grad dann esou wichteg gewiescht, datt ee méi zesummenhängend hätt schaffe kënnen, ëmsou méi, wou grad an de kritesche Momenter schlecht bis guer net mat Trakter a Maschinnen an de Wéngert eranzeuere war, well et einfach ze naass war. Duebele Problem also. Ausserdeem ass den CO₂-Ausstouss vu villen Trakteren och net besser, wéi wann eng eenzeg grouss Maschinn flitt.

Och d'Raupen, déi als Allheilmëttel am Plaz vum Helikopter e bësse beschriwwen gi sinn, hu sech iwwerschoen an deem naasse Joer bei iwwer 30% Hang. Déi puer Leit, déi dat am Lohnverfahren ubidden wollten, hu sech domadder zrëckgezunn, well et en extreme Risiko ass, well et geféierlech ass fir de Mënsch. Hei geet et och ëm Aarbechtsschutz an ëm d'Gesondheet vun de Leit. An domat geet de Modell net op, dee vu Regierungssäit esou vill an d'Spill bruecht ginn ass. - Jo, wéi kann een dann elo sprëtzen an den Hanglagen, wann et därmoossen naass ass, a grad dann existenziell wichteg ass, fir net en totalen Ausfall ze hunn? Et gétt och, wann ee mat deene Raupen, wann et naass ass, erafiert, zolidd Spier a Gléiser, wat natierlech Buedemverdichtung mat sech bréngt an och net vu Virdeel ass.

D'Alternative schéngen also net ze funktionéieren, grad an esou engem extreme Joer, wou et am wichtigsten ass, fir d'Kränke bekämpfen ze kënnen. An dofir widerhuelen ech hei nach eng Kéier, datt et existenziell gewiescht wär fir d'Wënzere an och fir den Erhalt vun de Steilagen, datt d'Ausnamen, déi vun enger viregter Regierung ausgehandelt gi waren, och vun dëser Regierung benotzt gi wäeren fir den Helikopter.

Elo stinn d'Wënzere am Reen. Wäer et net besser, dat nach eng Kéier ze iwwerdenken?

Ech fannen et och keng gutt Iddi, wéi d'Regierung op dem Léon Gloden seng parlamentaresch Ufro geäntwert huet, fir 2014er Gesetz ze änneren an aus Prinzip den Heli ze verbidden, fir dann op den Dibbelchen an Zentimeter genau um Terrain auszemoossen. Also éierlech: wat en Opwand! Wéi ass et da mat der administrativer Vereinfachung a manner Verwaltungsofstand, an dann awer ganz genau auszemoossen, op den Dibbelche genau bäi, wéi de Sécherheetsofstand op all Quadratzentimeter souzesoe soll ginn?!

Wuel hutt Der agesinn, datt Är 20 Meter Ofstand ze rigid sinn. Dat ass och ze héich. Firwat maacht Dir net einfach eng uniform Regel, zum Beispill op null Meter, well esou ass et jo méiglech vun der EU-Reglementéierung hier, oder mengetwegen och nach op zwee Meter oder fënnf Meter Distanz ze fixéieren. Dat ass kee Problem. Huet dës Virschlag vun der CSV un, Här Minister! Da weess de Wënzere och, wou en drun ass.

Och fir de Biowäibau ass 2016 eng immens Eerausfuorderung. Nach méi dacks wéi am konventionellen integréierte Wäibau hunn d'Wënzere hei misse sprëtzen. Kann den Här Minister eis Informatiounen ginn, wéi et dem Biowäibau dës Joer ergaangen ass a mat wéi vill Ausfall dës Joer mat de ville Kränken hei muss gerechent ginn?

Derbäi kënnt, datt e wichtegt Mëttel - Kaliumphosphonat oder phosphoreg Saier -, wat sougutt am Konventionellen agesat gétt wéi soss och am Biowäibau konnt benotzt ginn, genau do eben net méi erlaabt ass.

Viru Kuerzem ware Verrieder aus den europäesche Wënzereorganisatiounen bei d'EU-Kommissioun, fir dat Produkt och nees am Bio zouzeloossen. Et wäere gutt Gesprécher gewiescht an d'Kommissioun hätt den Argumenter Gehéier geschenkt gehat. Dat wär jo gutt.

Wéi wäit ass den Här Minister heivunner informéiert? A wéi eng Schrëtt huet d'Regierung do an der Vergaangenheet gemaach? Respektiv wat gedenkt Dir, Här Minister, ze maachen, fir déi do Schrëtt ze ënnerstëtzen an ze intervenéieren? Well dat hei ass ganz wichteg fir de biologesche Wäibau.

Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Stëmmung am Secteur ass scho gedréckt, e bësse méi wéi soss. Och wann d'Qualitéit gutt ass, mä dann hu mer Problemer op anere Plazen. Virun de groussen Problemer fir d'Existenz vun de Betriber an deem Joer ass schonn am Laf vum Joer op der Musel vun Ausfallentschiedegunge geschwat ginn.

Ech wollt den Här Minister froen, wéi d'Regierung dozou steet. Oder denkt den Här Minister,

ter, datt et an esou engem aussergewöhnleche Joer mat vill Ausfall a villen zousätzleche Käschte mat der Versécherung oder eventuell der Mehrgefahrenversécherung, déi eréischt viru Kuerzem komm ass, duergeet?

Dobäi hunn d'Betriber et haut schonn net méi einfach. Dat spigelt sech och am Strukturwandel erëm. Wann och d'Areal konstant bliwwen ass iwwert déi lescht Joren, esou sinn dach hautdesdaags vill manner Betriber am Wäibau tätég. An de leschten 20 Joer ass et eng Regressioun vu méi wéi vun der Halschent, vu 750 erof op 324, wann och déi allermeescht, déi opgehalen hunn, éischter ganz kleng Betriber waren an dat wuel am Nieweberuff gemaach hunn.

An 71% vun de Betriber huet de Betrëbsleiter iwwer 50 Joer. An dat steet fir 66% vum Areal. Déi Zuel seet natierlech näischt driwwer aus, a wéi ville vun dese Betriber en Nofolger do ass, deen awer de Betrib nach net iwwerholl huet. Trotzdem ass gewosst, datt et nach méi Betrëbschwund wäert ginn, an d'Joer 2016 wäert och net gehollef hunn.

D'Ausbildung vun den zukünftege Wënzere ass hautdesdaags iwwerall héich, Niveau Techniker oder Bachelor oder nach méi, dat ass iwwerhaapt keng Fro méi. An ech denken, d'Fro stellt sech och net méi, ob zu Lëtzebuerg en extra Ausbildungsugebuert misst agefouert gi fir d'Wënzere. Dat huet sech a kuerzer Zäit an deene leschte puer Joer erleedegt. D'Bereetschaft bei deene Jonken, fir an d'Ausland hir Ausbildung maachen ze goen, ass komplett, gradesou wéi Weiterbildung per Stagen an der ganzer Welt zouhëlt.

Hei geet d'Motivatioun vun de Jonken zesumme mat enger Topausbildung, an dat ass natierlech e positive Punkt fir d'Zukunft. D'Qualitéit vun de Lëtzeburger Wäiner wäert also nach weider an d'Luucht goen.

Trotzdem bleift et eng Eerausfuorderung, fir genuch Betriber ze behalen a fir d'Areal op ongeféier erhalen ze kënnen, jiddefalls do, wou et wichteg ass, datt d'Fläch weider bewirtschaft gëtt an datt et en zesummenhängend Gebitt bleift. En Trend hin zu Groussbetriber, falls et dee jee richtig ginn huet, schéngt mir awer net virunzegoen. Et geet jo och net duer, ëmmer méi Hektaren ze maachen, et muss een de Wäi jo och verkaaft kréien.

Dofir géllt et, positiv Moosnamen ze huelen, Courage ze maachen an d'Dynamik, déi an alle Betriber stécht, auszenotzen.

Ech widerhuelen dofir nach eng Kéier meng Fro vu virun, wéi eng konkret Hëllefen an Ënnerstëtzung d'Regierung gewëllt ass, dem Secteur an deem extra schwierige Joer mat vill Ausfall zoukommen ze loosse.

Ech kommen zum zweeten Deel, wat déi politesch Ramebedéngungen an administrativ Prozedure sinn. Positiv Moosname mussen näamlech och an alle Joren do sinn an d'Dynamik vum Secteur féerden.

Dir Dammen an Dir Hären, am August ass endlech dat neit Agrargesetz am Memorial gewiescht. Dat ass spéit fir d'Referenzperiod 2014-2020. Et kann also eréischt richtig am Laf vum Joer 2017 mam neie Gesetz, mam neien Agrargesetz geschafft ginn. Dobäi wär et dann am Fong schonn de Moment gewiescht, fir sech éischt Gedanke fir dat nächst Gesetz ze maachen an enger Zort „mid-term“-Analys. Dat ass dës Kéier natierlech esou net méiglech, an et ass also och hei net méiglech, an dës Debatt op éischt Konklusiounen vun den Auswierkungen anzegoen. Trotzdem muss ech verschidde Saachen hei froen an opbréngen.

Am neien Agrargesetz huet de Wäibau d'Lëscht vun de Maschinnen staark gekierzt kritt, och do, wou et net logesch war. Neien Entwécklungen, déi scho virun der Publikatioun vun definitiven Text do waren - ech nennen hei d'Rollhacke, eng mechanesch Method, déi ganz ëmweltschounend ass an d'Krautsprëtze verhënnert -, deenen ass net Rechnung gedroe ginn, wat am Fong e Paradox ass, wann dach just nach Innovatives soll ënnerstëtzt ginn.

Déi Gefierer, déi solle geholl ginn, fir an de Steillagen den Helikopter ze ersetzen, sinn och net mat realistesch Coûts unitaires opgefouert, wat en ëmsou méi grouse Paradox natierlech dee Moment ass. Ausserdeem gétt penaliséiert duerch den ënneschten Astigspräis fir d'Maschinnen, deen net op de Wäibau ugepast ass, mä op grouss Maschinnen.

D'Selektiounskritären an d'Punktenziel am Investissementsberäich benodelegen de Wäibau. An, ausser bei deene Jonken, hunn d'Wënzere manner Chancen, fir an de Prioritéitang